ARCHIDIOCÈSE DE LUXEMBOURG

**DIACONAT PERMANENT**

Abbé Patrick HUBERT
Archevêché
B.P. 419 L-2014 Luxembourg
Tél. : 462023-901

Luxembourg, le 29 mai 2018

Cher confrère,

la Commission diocésaine pour le Diaconat permanent a eu l'idée de proposer un dimanche pour mettre le ministère du diacre permanent au centre de la prière et de la réflexion des communautés chrétiennes. Avec l'encouragement de Mgr l'archevêque nous avons préparé le dossier liturgique ainsi que le matériel que vous recevez par cet envoi. Nous serions très reconnaissants si vous pouviez vous inspirer de ce dossier pour la liturgie du **16/17 juin**. Ce dimanche sera célébré comme **Journée diocésaine du diaconat permanent**. Certains diacres donneront des témoignages dans des paroisses qui ne connaissent pas encore ce ministère. Merci de réfléchir si dans vos communautés des hommes susceptibles de devenir diacre sont présents et de leur donner alors en main propre un exemplaire des dépliants ci-joints.

Le motif de l'affiche et de la première page du dépliant a été choisi à dessein car il représente très bien l'essence du ministère du diacre. Le diacre est auprès de l'autel, mais en même temps il est en plein milieu de la vie quotidienne des hommes. Celle-ci est représentée par la peinture murale en arrière-fond. C'est à la périphérie que le diacre est envoyé pour y représenter la charité du Christ, qui est venu non pour être servi, mais pour servir. Et ce vécu quotidien, souvent couvert des ombres de la souffrance physique et morale, il le porte à la table eucharistique, centre de la communauté chrétienne. Le diacre est un vrai passeur entre le centre de l'Église et les milieux professionnels et culturels, où bien souvent l'Église n'a plus d'entrée.

En ce sens il devient évident que les vocations diaconales – surtout de diacres qui continuent à exercer leur profession civile – sont de véritables cadeaux pour une Eglise au milieu d'une société sécularisée.

En vous remerciant de votre intérêt et de votre aide en vue de susciter de nouvelles vocations au diaconat, je vous salue bien cordialement,

Abbé Patrick Hubert,
Chargé épiscopal

ARCHIDIOCÈSE DE LUXEMBOURG
**DIACONAT PERMANENT**

Abbé Patrick HUBERT
Archevêché
B.P. 419 L-2014 Luxembourg
Tél. : 462023-901

Luxemburg, den 29. Mai 2018

Lieber Mitbruder,

vor einiger Zeit ist innerhalb der Diakonatskommission die Idee aufgekommen, an einem Sonntag das Amt des Diakons in das Zentrum des Gebetes und der Reflexion der christlichen Gemeinschaft zu rücken. Nach der Ermutigung durch den Herrn Erzbischof hat die Kommission das liturgische Dossier und das „Werbematerial" entwickelt, das ich Ihnen hiermit übersenden darf. Die Predigt wurde vom Spiritual der Diakonatskandidaten, Pater Theo Klein, und die übrigen liturgischen Impulse von Herrn Diakon René Schumacher erstellt.

Wir würden uns sehr freuen, wenn Sie in den Gottesdiensten des **16./17. Juni** einige dieser Impulse aufgreifen würden. Dieser Sonntag soll als **diözesaner Tag des Diakonates** gefeiert werden und einig Diakone werden in Pfarreien predigen, in denen zurzeit kein Diakon tätig ist. Die Flyer sind in erster Linie dafür gedacht, sie ganz bewusst Männern in die Hand zu geben, von denen Sie glauben, dass sie für das Amt des Diakons in Frage kommen könnten.

Das Plakat und das Titelbild des Flyers sind bewusst ausgewählt und selbstredend: der Diakon steht zwar am Altar, jedoch zugleich auch mitten in der Welt. Das Wandbild (einer Kapelle in Thailand) stellt ganz unterschiedliche und meist bedrückende Situationen menschlichen Lebens dar. Dorthin - an die Peripherie – ist der Diakon gesandt, um die Liebe des dienenden Christus erfahrbar zu machen. Und dieses Leben in seiner ganzen Bandbreite bringt er mit an den Tisch des Herrn. Gerade Eucharistie und Dienst am Nächsten gehören zusammen. Oft wird der liturgische Dienst des Diakons am Altar durch diese innere Bezogenheit von Gottesdienst und Menschendienst erklärt:
„Der Diakon (...) nimmt als Hörender die Lebensgeschichten der Menschen wahr, nimmt ihre Sorgen und Ängste, ihre Freude und Hoffnungen in seine Verkündigung [und in die Fürbitten!] auf und wird so zum Brückenbauer vom Rand der Gemeinde zu ihrer Mitte, der Eucharistie hin. Von der Mitte her, der Eucharistie, ist der Diakon an die Türschwelle der Gemeinde gesandt. Dort verkündet er die froh machende Botschaft unseres Glaubens. Er bereitet Wege und lädt die am Rande Stehenden ein, in die Nachfolge Jesu einzutreten und in ihr zu verweilen, um so die Kirche als eine Gemeinschaft von geschwisterlich Glaubenden aufzubauen" (Franz Vorrath).

In diesem Sinne sind Berufungen zum Ständigen Diakonat - gerade auch von Diakonen, welche weiterhin ihren Zivilberuf ausüben - ein wertvolles Geschenk für die Kirche innerhalb einer säkularisierten Gesellschaft.

Mit herzlichem Dank für Ihr Interesse und Ihre Unterstützung, grüsst Sie herzlich

Abbé Patrick Hubert,
Bischöflicher Beauftragter

## Homélie pour le 11e dimanche du temps ordinaire B
## Journée diocésaine du diaconat

Un des acquis les plus précieux du deuxième concile du Vatican (Balthasar Fischer) est de donner au ministère du diaconat une place centrale dans l'église d'aujourd'hui et de demain. Le diacre est le représentant sacramental de l'archidiacre Jésus Christ dans l'Église, pour l'Église, pour les hommes et en particulier pour les pauvres. Le signe sacramental du diaconat est que Jésus a lavé les pieds à ses disciples. Laver les pieds aux autres, cela exprime l'amour, et non de laver la tête aux autres. Le diacre permanent – comme aussi le prêtre et l'évêque – restent tout au long de leur vie diacre, serviteur, pour ainsi donner visibilité au diacre Jésus Christ. Le diacre n'est ni un travailleur social consacré ni un remplaçant du prêtre, il est le symbole sacramental de l'archidiacre Jésus Christ pour l'Église au service des hommes.

L'Église a besoin du diaconat aussi dans le sens où tout service clérical est diaconie et le reste. Diaconie signifie service – avec Jésus Christ pour les hommes. Le diacre doit servir la Parole de Dieu et doit servir par la parole de Dieu. La charge principale du diacre est selon la tradition de l'Église l'annonce de l'Évangile à tous les niveaux et selon toutes les formes. Le diacre est évangéliste ! Il doit tendre aux hommes le pain de la Parole, la Parole qui donne du sens à l'homme et à sa vie, car l'homme ne vit pas seulement du pain mais aussi de toute parole qui sort de la bouche de Dieu.

La première tâche du diacre est l'évangélisation ; il proclame ce qu'il a entendu. Il peut partager l'Évangile seulement si lui-même met la priorité à l'écoute de la Parole de Dieu. C'est pour cela que le ministère du diaconat n'est pas simplement un travail, pas simplement un métier, mais une vocation. Dieu appelle l'homme au plus profond de son humanité, là où nous faisons l'expérience en tant qu'homme de la joie et de la souffrance des hommes. « Joie et espoir, tristesse et angoisse des hommes d'aujourd'hui, en particulier des pauvres et des opprimés de tout genre sont aussi joie et espoir, tristesse et angoisse des disciples de Jésus. » (Gaudium et Spes 1). Le diacre est un homme qui au plus profond de lui-même est interpellé par l'Évangile. La croix est aussi au milieu de l'Évangile. Qui accepte la croix dans sa propre vie peut aussi comprendre la croix et la douleur des autres et peut vraiment offrir réconfort aux autres. Ainsi il fait prendre part au salut et rétablit l'homme dans ce à quoi Dieu l'a destiné.

Le diacre est au service de son prochain. L'amour du prochain ne doit pas être une expression creuse. La vie du diacre doit répondre à la vie de Jésus. La diaconie a une fonction élémentaire dans l'annonce de l'évangile et dans les célébrations liturgiques. Ces trois ensemble forment l'accord parfait de la vie ecclésiastique, un modèle pour nous tous.

Nous parlons aujourd'hui souvent et à raison de manque de prêtres. Mais ne devrions-nous pas aussi déplorer le manque de diacres dans l'église d'aujourd'hui ? La diaconie n'est non seulement une dimension essentielle de la vie de l'Église, mais elle est aussi inséparablement liée à d'autres fonctions fondamentales de l'Église. A l'exemple de la diaconie nous voyons si la célébration est juste et sérieuse : Une pratique liturgique, qui dans la vie de tous les jours n'est pas interprétée et commentée par le service diaconal du lavement des pieds, est exposée au risque de devenir creuse. Alors la célébration liturgique n'est qu'un culte, qu'une façade. C'est pour cela que le diacre, à la fin de l'eucharistie, appelle les fidèles au témoignage : « Allez

dans la Paix ! » « Ite missa est », cela veut dire que c'est le moment que la Paix du Christ obtienne une chance dans le monde face à la discorde.

Lors de sa consécration le diacre promet de prier fidèlement aux heures pour le peuple de Dieu et pour le monde entier. Le diacre est crédible s'il est un homme de la prière. Dans la prière nous rencontrons Dieu qui est présent en nous tous. Cette conviction de la foi ne peut dépasser le stade de la théorie qu'à condition que nous nous convainquions de sa présence dans la prière et que nous approfondissions notre attachement à Lui. La prière ne distrait pas du service concret. Le diacre, un homme de la prière, qui promet à l'évêque respect et obéissance, dans le sens que le service véritable dans l'Église ne consiste pas en la réalisation de soi-même mais dans la réalisation de l'amour de Dieu pour les hommes.

La Journée du Diaconat est l'occasion d'être reconnaissant pour les nombreux hommes avec leurs épouses et familles qui ne se sont pas fermés à l'appel de Dieu. Gardons présents à notre esprit tous les diacres permanents, fussent-ils mariés ou célibataires, à titre professionnel ou en activité secondaire.

La parabole du bon grain est aussi une bonne nouvelle pour tous les diacres dont le cœur bât pour la diaconie. Comme souvent paraît la diaconie dans l'Église comme vaine. Comme le semeur dans la parabole les diacres et nous tous sommes appelés à bâtir sur la grâce de Dieu qui vient toujours à notre rencontre par son amour. Dieu n'a pas besoin de vedettes, pas de chrétiens parfaits. Dieu laisse pousser. Et parfois il suffit déjà de ne pas nous y opposer. Jetons un regard sur l'histoire de l'Église : Alors nous découvrons que non seulement des grands théologiens ont fait avancer l'Église mais aussi des gens comme François d'Assise et beaucoup d'autres. À l'exemple de de tels hommes on reconnaît l'œuvre de Dieu. Oui, Dieu est à l'œuvre dans le diaconat. Découvrons ces traces salutaires et suivons ces traces. Soyons reconnaissants.

Père Théo Klein SCJ

## Priedegt:

Léif Schwësteren a Bridder,
Et gehéiert zu deene kostbarste Geschenker vum Zweete Vatikanesche Konzil (Balthasar Fischer), d'Amt vum Diakonat fir haut a fir d'Zukunft an d'Mëtt vun der Kierch ze stellen. Den Diakon ass dat sakramentalt Zeeche vum Erzdiakon Jesus Christus an der Kierch, fir Kierch, fir Mënschen an besonnesch fir di Aarm. Dat sakramentalt Zeeche vum Diakonat ass, dass Jesus senge Jünger d'Féiss gewäsch huet. Dem aneren d'Féiss wäschen, dat ass e staarken Ausdrock vu Léift, an net dem aneren de Kapp wäschen. De stännegen Diakon – wéi och de Priister an de Bëschof – bleift e Liewe laang Diakon, Denger, fir sou den Diakon Jesus Christus an eiser Zäit siichtbar duerzestellen.

Den Diakon ass weder e geweite Sozialaarbechter, nach en Ersatz vum Priister, hien ass e sakramentalt Zeeche vum Erzdiakon Jesus Christus fir d'Kierch am Déngscht vun de Mënschen. D'Kierch braucht d'Diakonat och an deem Sënn, dass all weideren geeschtlechen Déngscht Diakonie ass a bleift. Diakonie heescht Déngscht – mat Jesus Christus fir Mënschen. Den Diakon huet en Déngscht um WUERT GOTTES an en Déngscht aus dem WUERT GOTTES ze vollzéien.
Di Haaptaufgab vum Diakon ass no der kierchlecher Iwwerliwwerung Verkënnegung vum Evangelium op allen Niveauen an allen allen Formen. Den Diakon als Evangelist! Hien soll de Mënsche d'Brout vum WUERT reechen, dat WUERT, dat dem Mënsch Sënn a sengem Liewen gëtt, well de Mënsch lieft net vum Brout eleng, ma vun dem WUERT, dat aus dem Mond vu Gott kënnt.

Déi 1. Aufgab vum Diakon ass d'Evangelisatioun: hie verkënnegt, wat hien héieren huet. Hien kann d'Evangelium fir des Zäit nëmme weidersoen, wann hie selwer e Mënsch ass, den d'Prioritéit op d'Lauschtere vum WUERT GOTTES leet. Dofir ass dat geeschtlecht Amt vum Diakon net einfach en Job, net einfach e Beruff , ma eng Beruffung. Gott rifft de Mënschen am Perséinlechste vun sengem Mënschsinn, do wou mir als Mënsch och Freed a Leed erfueren an mat aner Mënsche wéi et heescht „Freude und Hoffnung, Trauer und Angst der Menschen von heute, besonders der Armen und Bedrängten aller Art, sind auch die Freude und Hoffnung, Trauer und Angst der Jünger Jesu" (Gaudium et Spes 1). Den Diakon ass e Mënsch, den am Déifste vun sengem Wiese vum Evangelium ergraff ass.
D'Kräiz steet am Mëttelpunkt vum Evangelium. Ween Kräiz a sengem eegenen Liewen unhëlt, kann och Kräiz a Leed vun deenen aneren verstoen, kann wierklech Trouscht spenden an Mënschen um Heel deelhuelen loossen, dat heescht dass de Mënsch nees ganz gëtt, zu dem Gott hien beruff huet.
Den Diakon steet am Déngscht vum Matmënsch. Nächsteléift däerf keng Floskel sinn. Et geet dorëms, dass Liewen vum Diakon e Kommentar vum Jesus sengem Liewen ass. Diakonie huet genausou eng elementar Aufgab an der Kierch wéi d'Verkënnegung vum Evangelium an d'Feier vun der Liturgie. Si maachen zesummen den symphoneschen Dräiklang vum kierchlechen Liewen aus, vun dem keen Toun ausfalen däerf.

Mir schwätzen haut oft - an och mat Recht - vu Priistermangel. Awer misste mir net och den Diakonemangel an der Kierch vun haut bekloen? Diakonie ass net nëmmen eng wesentlech Dimensioun vum kierchlechen Liewen, ma si ass onléisbar mat aneren Grondaufgaben vun der Kierch verbonnen. Un der Diakonie gesinn mir, ob de Gottesdéngscht richteg an sérieux ass: Gottesdéngscht, den am Alldag net duerch den diakoneschen Déngscht vun der Fousswaschung interpretéiert an kommentéiert gëtt, steet a Gefor huel ze ginn. Dann ass Gottesdéngscht blouss

ARCHIDIOCÈSE DE LUXEMBOURG
COMMISSION POUR LE
DIACONAT PERMANENT

# Impulser fir den 11. Sonndeg am Joereskrees B
# DIÖZESANEN DAG VUM DIAKONAT

## Gedanken zur Aleedung:

D'Bezeechnung „Diakon" kënnt aus dem Griecheschen „diákonos" an heescht iwwersaat „Dénger". Dat kléngt a priori e bëschen almoudesch, vestëpst an iwwerlieft. Dofir lount sech e Bléck an d'Schrëfte vum Neien Testament, a besonnesch an d'Bréiwer vum Apostel Paulus, wou d'Aarbecht vun den Diakonen an Diakonninen (!) nawell gutt beschriwwe gëtt. Hir Aufgab war u sech ganz einfach: dem Härgott an de Mënschen déngen, sech virun allem fir déi aarm an ënnerdréckt Mënschen asetzen, Hëllef organiséieren op dene Plaze wou Nout ass, de Message vum Jesus senger frouer Botschaft duerch d'Beispill vum Liewen erfuerbar maachen an den „Déngscht um Dësch" (Eucharistie) ze organiséieren.

Am Laf vun der Kierchegeschicht huet sech d'Amt vum Diakon staark verännert an huet sech no an no nëmme nach op e rénge „Passage" zum Priesteramt reduzéiert. Eréischt viru ronn 60 Joer ass dat stännegt Diakonat duerch dat II. Vatikanescht Konzil nees nei belieft ginn, virun allem fir déi wichteg Gronddimensioun vun der Diakonie an der Kierch nees ze stärken.

1983 sinn déi éischt stänneg Diakonen an der Diözes Lëtzebuerg geweit ginn; d'Diakonat ass domadder also e relativ „moderne Beruff", deen d'Déngschtamt un der Säit vun den Apostelen aus den éischte chrëschtlechen Gemeinschaften nees nei opgräift. An engem Gottesdéngscht fir Diakonen huet de Poopst Franziskus nach eng Kéier däitlech gesoot, dass en Diakon kee „klenge Paschtouer" a keen „Ersazpaschtouer" ass. Den Diakon huet en eegent Profil an eegen Aufgaben an de sozial-caritativen a liturgesche Beräicher. „Diakone sollen bereit sein für den Bruder oder die Schwester und offen für das Unvorhergesehene.", sou de Poopst wuertwiertlech.

A ville Kierchen, och bei eis am Land, läit um Altor, um Ambo oder op engem Liespult eng Bibel déi opgeschloen ass. Esou gëtt de Leit, déi an d'Kierch kommen, op eng gewësse Manéier, d'Wuert vum Härgott entgéintgehalen. D'Mënsche ginn „invitéiert" op mannst e Bléck an d'Helleg Schrëft ze geheien. Zu der Diakonewei gehéiert de Ritus, dass de Bëschof dem Kandidat en Evangeliar iwwerreecht mat de Wierder: „Emfänk d'Evangelium vu Christus: du bass bestallt et ze verkënnegen. Looss dech am Glaf ergräife vun deem, wat's du lies; verkënneg dat, wat's du gleefs a lief dat, wat's du verkënnegs." D'Verkënnegung vum Evangelium, vun der „gudder Noriicht" gehéiert zu de wichtegsten Aufgaben vum Diakon während enger Eucharistiefeier; esouguer wann e Bëschof dëser virsteet. Am Evangelium ginn et eng ganz Abberzuel vun Themen awer letztendlech geet et ëmmer drëms, de Message vu Jesus Christus an eiser Welt an an eiser Zäit lieweg ginn ze loossen. Et geet ëmmer drëms, der Léift vu Christus e ganz konkret Gesiicht ze ginn. Duerch dat wat hie seet a mécht soll den Diakon, sou wéi iwwregens och d'Priester, déi jo hiirt Liewe laang och Diakon bleiwen, de Mënschen eng Hëllef an eng Stäip sinn fir de Message vu Gott an hirem Liewen ze entdecken an ze verstoen.

„D'Diakonat ass en Hoffnungszeeche fir d'Kierch.", esou den Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich am Kader vun engem Fréndschaftsbesuch vun däitschen Diakonen am August 2016. „Den Diakon ass e Kleriker ouni klerikal ze sinn. Hien huet en aneren Zougang zum Liewen wéi e Priester an hie steet ganz am Déngscht vun de Mënschen. Wann d'Kierch et net fäerdeg bréngt sech an den Déngscht ze stellen, da wäert d'Chrëschtentum an Europa verschwannen.", esou d'Prognose vun eisem Äerzbëschof. Dass et net esou wäit kënnt, doréms wëlle mir haut ganz besonnescht bieden an zesummen, a ganz Lëtzebuerg, d'„Journée du Diaconat" feieren.

e Kult, dee nëmmen eng Fassad ass. Dohier rifft den Diakon um Enn vun der Eucharistie mat den erausfuerderenden Wierder, zum Temoignage op: „Gidd hin a Fridden!" „Ite missa est". Dat heescht: elo ass de Moment, dass de Fridden vu Christus eng Chance soll kréien an der Welt vun haut, déi gepräägt ass vun Oneenegkeet a Sträit. Bei der Wei versprécht den Diakon d'Stonnengebied d.h. en Deel vum Brevéier fir d'Vollek Gottes, fir déi ganz Welt trei ze verriichten. Den Diakon ass glafwürdeg, wann hien e Mann vu Gebiet ass. Am Gebiet begéinen mir Gott, den an allem géigewäerteg ass. Des Glaawensiwerzeegung ass nëmmen dann keng blouss Theorie, wann mir äis all Dag der Géigewaart vun Gott am Gebiet vergewësseren an eis Verbonnenheet mat him verdéiwen. Gebiet ass dofir keng Oflenkung vum konkreten Déngscht. Den Diakon versprécht dem Bëschof Respekt a Gehorsam an dem Sënn, dass den woueren Déngscht an der Kierch net an der Selbstverwierklechung, ma villméi an der Verwierklechung vun der Léift vun Gott zu den Mënschen besteet.

D'Journée du Diaconat ass Grond dankbar ze sinn fir di vill Männer mat hire Fraen an Familljen, déi sech an dëse Joren dem Ruff vun Gott net verschloss hunn. Behalen mir am Bléck all stänneg Diakonen, ob bestuet oder zölibatär, haaptamtlech oder mat Zivilberuf. D'Gläichnis vun den Somkären ass och eng gutt Noriicht fir all Diakonen, fir all, deenen hiert Häerz fir d'Diakonie schléit. Well wie oft erschéngt Diakonat an der Kierch als ëmsoss. Wéi den Séimann am Gläichnes sinn Diakonen an mir alleguerten opgeruff, op Gnod vun Gott ze bauen, den eis ëmmer nees mat senger Léift entgéint kënnt. Gott braucht keng Superstare, keng perfekt Chrëschten. Gott léisst wuessen. An munchmol ass et schonn vill wäert, wann mir dobäi keng Steng an de Wee leeën. Werfen mir eisen Bléck op Geschicht vun der Kierch, dann entdecke mir, datt net nëmmen grouss Theologen d'Kierch weiderbruecht hunn, ma och Leit wéi den Franz vun Assisi an nach vill aner. Un sou Mënschen gëtt däitlech: Gott ass um Wierk. Jo, Gott ass um Wierk am Diakonat. Loosst mer des segensräich Spuere nei entdecken a ginn mir dëse Spure no. Loosst mir dofir dankbar sinn!

Pater Theo Klein SCJ

## Fürbitten:

A sengem Jong, dem Jesus, huet Gott sech ganz an den Déngscht vun de Mënsche gestallt.
Dem Jesus säi Liewen a säi Message solle fir eis Chrëschten Orientéierung a Kompass sinn.
Am Vertrauen op dat, wat de Jesus eis iwwert säi Papp erzielt huet,
wëlle mir him eis Gebieder soen:

Mir biede fir déi Fraen a Männer, déi sech doheem, an de caritativen a sozialen Strukturen
an am Gesondheetssektor, fir déi Mënschen asetzen, déi op Hëllef ugewise sinn.
Härgott, ënnerstëtz Du si an hirem Asaz an an hirem Engagement
a looss eis all hirer Aarbecht an hirem Déngscht
mat Unerkennung an Dankbarkeet begéinen.
Härgott, héier eis. Härgott, erhéier eis.

Mir biede em Beruffungen zum Diakonat
a fir déi Fraen a Männer, déi am Gaang sinn sech op e konkreten Déngscht
an der Gesellschaft oder an der Kierch virzebereden a fir déi Mënschen,
déi nach iwwerleeën ob si sech an déi Richtung engagéiere sollen.
Härgott, looss si ëmmer nees Mënsche begéinen, déi si op dësem Wee begleden
an déi hinnen an de wichtegen Entschedungsphasen mat engem gudde Rod zur Säit stinn.
Härgott, héier eis. Härgott, erhéier eis.